# Bëllia Bratzelgecken asbl

# Sponsordossier 2026





www.bratzelgecken.lu

# NUETSKAVALKAD ZU WAASSERBËLLEG

1. Maacht mat! Als Sponsor ganz vir dobäi!

2. Bratzelblat – matten dran amplaz just dobäi

3. Sponsor-Stufen am Verglach

4. Platin-Sponsor – Eng grouss Bün fir äre Betrib

5. Bratzelblat 2025 – Online Performance

6.Gewënnspill am Bratzelblat 2026 – Äre Virdeel als Annonceur

7. D'Nuetskavalkad zu Waasserbëlleg – Traditioun a Leidenschaft

8. Alles am Iwwerbléck – Event-Detailer

9. Fakten an Zuelen zur Nuetskavalkad

10.Kontaktinformatiounen




*Sou oder sou ähnlech wäert d'Plakat 2026 ausgesinn*

# Maacht mat! Als Sponsor ganz vir dobäi!

**D'Bratzelgecken sinn op der Sich no Sponsoren, déi bereet sinn, d'Nuetskavalkad 2026 zu Waasserbëlleg ze ënnerstëtzen.**

Mat dësem Sponsorendossier wëlle mir Iech d'Méiglechkeeten an d'Virdeeler weisen, déi är Firma/Betrieb duerch eng Partnerschaft mat eis kritt:

**grouss Visibilitéit** **eng staark Präsenz an der Regioun** **kloert Zeeche fir Gemeinschaft a Kultur**

## D'Bratzelgecken – kuerz presentéiert:

- Zanter 1948 gëtt zu Waasserbëlleg Kavalkad gefeiert.
- 2004: no joerzengterlaanger Paus, nees eng Kavalkad zu Waasserbëlleg
- 2005: Grënnung vun de „*Bëllia Bratzelgecken asbl*"
- 2016: déi éischt **Nuetskavalkad am Land** = haut ee richtege Publikumsmagnéit.
- Organiséiert vun der **Bëllia Bratzelgecken asbl** (55 Memberen / 15 Leit am Comité).

## Traditioun & Symbol

De **Bratzelsonndeg** ass eng al Lëtzebuerger Traditioun.
D'Bratzel ass bei eis net nëmme Symbol vu Léift a Gemeinschaft, mee och Markenzeeche vun eiser Kavalkad.

D'Nuetskavalkad ass ëmmer **Samsdeg op Halleffaaschten** oder **4 Wochen no Fuessamsdeg**.

# 📰 D’Bratzelblat – matten dran amplaz just dobäi!

D’Bratzelblat ass dat offiziell Online-Magazin vun der **Nuetskavalkad zu Waasserbëlleg, wat exklusiv fir d‘Nuetskavalkad rauskënnt.** Et kombinéiert **Event-Informatiounen** (Cortège, Transport, Portraite vun der Bratzelkinnigin) mat **Reportagen, Fotoen, Artikelen** an engem **attraktive Gewënnspill**.

Fir **Sponsoren** ass d‘Bratzelblat eng **staark Bün fir Visibilitéit**:

- Är Reklammen mat direktem Link op är Homepage.
- Dir erreecht e breeden a variéierte Public.
- Mat ärer Ënnerstëtzung drot Dir dozou bäi, datt d’Nuetskavalkad iwwerhaapt méiglech ass.

👉 **Kuerz gesot:** Eng **staark Präsenz fir Betriber** an eng **zentral Basis fir d’Finanzéierung** vun engem vun de gréisste kulturelle Spektakelen an der Regioun.

Mat eise **fënnef Sponsorstufe** fannt Dir déi richteg Form vu Partnerschaft – vu grousser exklusiver Präsenz bis hin zu enger sympathescher Ënnerstëtzung am klenge Kader.

Egal ob grouss oder kleng – jidderee fënnt bei eise Sponsorstufen am Bratzelblat seng Plaz.

👉 **Är Ënnerstëtzung mécht dëst Fest fir jiddereen erliefbar!**

👉 **Zesumme maache mir d’Nuetskavalkad méiglech!**

👉 **Dir sidd e wichtege Pilier vun dësem traditiounsräiche Fest!**

# Sponsor-Stufen am Verglach

| | Koffer | Bronze | Sëlwer | Gold | Platin |
|---|---|---|---|---|---|
| Annoncen-Gréisst | 1/6 Säit | 1/4 Säit | 1/2 Säit | 1 Säit | 1 Säit |
| Moosse vun der Annonce (H x B) | (~ 9 x 6 cm) oder ( ~ 4,5 x 19 cm) | ( ~ 13,5 x 8,5 cm) oder (~7 x 19 cm) | (~ 13,5 x 19 cm) | 21,0 cm × 29,7 cm | 21,0 cm × 29,7 cm |
| Visibilitéit um Event | ❌ | ❌ | ❌ | Banner/Schëld | Banneren/Beachflags |
| Online Präsenz | ✅ | ✅ | ✅ | ✅ + Fotogallerie | ✅ + Homepage + Fotogallerie |
| Logo um Plakat | ❌ | ❌ | ❌ | ❌ | ✅ |
| Social Media Promotioun | ❌ | ❌ | ❌ | ✅ | ✅ |
| Pressematdeelung | ❌ | ❌ | ❌ | ❌ | ✅ |
| Exklusiv Invitatiounen | ❌ | ❌ | ❌ | ❌ | ✅ |
| Präis | **50 €** | **90 €** | **160 €** | **290 €** | **ab 800 €** |

Wielt déi Stuf, déi am Beschte bei Iech passt, a maacht mat bei eiser Initiativ, Ressourcen ze spueren an eng méi ëmweltbewosst Zukunft ze gestalten!

# ⭐ PLATIN-SPONSOR – ENG GROUSS BÜHN FIR ÄRE BETRIB ⭐

## 🚀 MAXIMAL VISIBILITÉIT

- Exklusiv Annonce op eiser Homepage
- 1 GANZ Säit an eisem Online-„Bratzelblat“
- Är Reklamm direkt bei de Fotoen 2026
- Är Reklamm op der Homepage *„www.bratzelgecken.lu“*

## 🎯 IWWERALL PRÄSENT!

- Äre Logo um offizielle Plakat
- Extensiv Promotioun iwwer Facebook, Instagram, Newsletter & Websäit
- Erwähnung als Haaptsponsor an der Pressematdeelung

## 🔥 LIVE OP DER BÜN!

- Är Banneren/Beachflags op der Nuetskavalkad
- Exklusiv Aluedung op d’Schlësseliwwerreechung
- VIP-Aluedung op eis „bëssen aner“ Generalversammlung (Januar 2027)

✡ ***Äre Logo bis de 4. Januar 2026 raginn***

# Bratzelblat 2025 – Online Performance

Eis <u>digitaliséiert</u> *Bratzelblat* huet 2025 eng ganz grouss Resonanz fonnt:

- **85.543** Sou oft gouf de Beitrag „Bratzelblat“ op Facebook ugewisen
- **15 545 Abrufe** op Issuu
- **6 737 detailléiert Interaktiounen** (längert Liesen, méi Säiten duerchbliedert)
- **iwwer 1 800 Link-Klicks an Interaktiounen** iwwert Facebook an aner sozial Medien

> ***<u>Dat weist kloer</u>***: Eis Lieser hunn d’Bratzelblat net nëmmen ugeklickt, mee sech och richteg Zäit geholl, fir duerchzebliederen an sech méi genee z’informéieren.

## <u>Staark Präsenz op de soziale Medien</u>

Mat gezielten an attraktive Posts op **Facebook, Instagram a weidere Plattformen** hu mir eng breet a variéiert Zilgrupp erreecht. Eis Strategie fir digital Reklamm huet sech domat voll bewisen: vill Opruff, héich Visibilitéit a vill Interaktioun mat de Lieser.

**<u>Fazit:</u>** D’Bratzelblat huet sech och am digitale Format als wichteg Informatiouns- a Reklammsinstrument etabléiert a bitt Partner eng optimal Plattform fir eng grouss, lokal a regional Visibilitéit.

# 🎁 Gewënnspill am Bratzelblat 2026 – Äre Virdeel als Annonceur!

Fir d'Bratzelblat nach méi spannend a Lieser fréndlech ze maachen, integréiere mir dëst Joer e grouss Gewënnspill **mat Quiz-Froen**.




**<u>Fir Annonceuren heescht dat:</u>**

- ✅ **Nach méi Opmierksamkeet:** Lieser bliederen d'Blat intensiv duerch, fir keng Fro ze verpassen
  = Är Annonce gëtt doduerch méi oft gesinn.

- ✅ **Attraktivitéit:** Är Präsenz steet an engem Heft, dat net nëmme gelies, mee och aktiv benotzt gëtt.

- ✅ **Visibilitéit:** Mat enger eventuell gesponserter **Sachleeschtung als Präis** kënnt Dir zousätzlech Visibilitéit a positiv Bekanntheet gewannen._Mir kommen Iech dobäi gären entgéint an integréieren Är Bäiträg esou, datt se en héije Wäert fir d'Participanten hunn.

Mat Ärer Hëllef maache mir net nëmmen d'Gewënnspill méi attraktiv, mee droe gläichzäiteg dozou bäi, datt och eist **digitaalt Bratzelblat** nach méi interessant an ofwiesslungsräich gëtt.

*E klenge Geste vun Iech bedeit fir eis e grousse Plus – an en onvergiesslecht Erliefnis fir d'Gewënner.*

**<u>Fir Lieser:</u>**

- 🎉 Spannend Gewënnspill mat flotte Präisser

- 📲 Einfach Matmaachen iwwer QR-Code oder Formulaire

💡 **<u>Fazit:</u>** Mat der Tombola gëtt d'Bratzelblat 2026 net nëmme gelies – et gëtt **erlieft**!









# 🎭 D'Nuetskavalkad zu Waasserbëlleg – Traditioun a Leidenschaft 🎉





Bëllia Bratzelgecken asbl




# 🔭 Alles am Iwwerbléck

Vun der **Esplanade de la Moselle** aus zitt de Cortège duerch d'Duerf, passéiert den **niddregste Punkt vum Land**, a féiert weider bis bei de **Centre culturel**.

🥳 Hei geet duerno déi grouss **After-Nuetskavalkad-Party** lass!

👉 ***Garantéiert***: e **liewegt, energiegelueden a stëmmungsvollt Fest**!

👪 Fir Grouss a Kleng – en Highlight an der Regioun



## 📅 Event-Detailer

📅 **Datum:** Samsdeg, 14. Mäerz 2026

⏰ **Start:** 18:11 Auer

🍴 Eng sëllech **Iess- & Gedrénksstänn** durch d'ganz Duerf

🔔 **Schluss:** +/- 22:30 Auer (héicht Centre culturel)

🎶 **Après-Kavalkad-Bal:** 21:00 – 02:00 Auer am Centre culturel an am gehëtzten Zelt mat **Live-Musek**



# Fakten an Zuelen zur Nuetskavalkad

- **1,8 km laang Kavalkad**
- **50 Gruppen** – Museken, Foussgruppen & Ween
- **Iwwer 1.000 Participants**
- **1.800 kg Séissegkeeten & Gadgets**
- **1.500 Liter Wäin, Jus & Waasser**
- **2.000 Bratzelen** (excl. vun der Bratzelkinnigin a senge Prinzessinnen a Prënzen)
- **Busnavetten a Late-night-Bus** fir d'Regioun
- **Iwwer 8.000 Zuschauer** op der Streck
- **1.000.000 Liichtercher** fir eng onvergiesslech Atmosphär
- **Staark Social Media & Medien-Opmierksamkeet**
- **Eent vun de gréisste kulturelle Spektakelen** an der Regioun
- Eng **Bün fir lokal a regional Veräiner**
- Ënnerstëtzung fir Veräiner
- Eng **Plattform fir grouss Visibilitéit** bei enger diverser Zilgrupp.







**Eent vun de gréisste Spektakelen an der Regioun – live an zu Waasserbëlleg!**

# KONTAKTINFORMATIOUNEN

## **Merci** fir ären Interessi un eiser Nuetskavalkad

Mir géifen eis immens freeën, wann Dir d'**Nuetskavalkad zu Waasserbëlleg** als Sponsor géift mat ënnerstëtzen.

Dëst kulturellt Highlight bitt Iech eng **ideal Plattform**, fir är Firma mat enger **staarker, geziilter a wäitreechender Präsenz** an engem **breetgefächerten Ëmfeld** ze positionéieren.


Wann Dir interesséiert sidd, d'**Bëllia Bratzelgecken asbl** an dësem Kader ze ënnerstëtzen, kontaktéiert eis w.e.g. bis spéitstens **den 1. Februar 2026** a schéckt eis äre Logo am **PDF-Format**.

Fir all weider Informatioun stinn mir Iech natierlech gären zur Verfügung a freeën eis op eng méiglech Partnerschaft.

**Kontakt:** *bratzelgecken@hotmail.com*

**Telefon:** +352 621 213 664 *(Goergen Christian)*

Bëllia Bratzelgecken asbl
11, rue St. Martin
L-6635 Wasserbillig
www.Bratzelgecken.lu




# www.bratzelgecken.lu

**Bëllia Bratzelgecken** asbl

BP 52, L-6601 Wasserbillig

bratzelgecken@hotmail.com

BCEE LU10 0019 1955 7469 4000

www.bratzelgecken.lu

Bëllia Bratzelgecken asbl

# NUETSKAVALKAD ZU WAASSERBËLLEG

## 14. Mäerz 2026

BËLLIA BRATZELGECKEN ASBL

